LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Luxembourg, le 16 DEC. 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
16 DEC. 2019

Monsieur
Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
LUXEMBOURG

**Objet: Réponse commune de Monsieur le Premier Ministre, Ministre d'État et de Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes à la question parlementaire n°1470 de l'honorable Député Fernand KARTHEISER au sujet des votes du Luxembourg auprès des organisations internationales.**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire n°1470 du 12 novembre 2019 de Monsieur Député Fernand KARTHEISER.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Le Premier Ministre

Ministre d'État

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
16 DEC. 2019

**Gemeinsam Äntwert vum Här Premierminister, Staatsminister a vum Här Aussen- an Europaminister**

**op d'parlamentaresch Fro Nummer 1470 vum 12. November 2019**

**vum honorabelen Deputéierten Fernand Kartheiser**

**Äntwert op d'Froen 1 bis 3:**

D'Lëtzebuerger Aussepolitik artikuléiert sech net fir oder géint eenzel Staaten. Wat besonnesch Israel ubelaangt, huet Lëtzebuerg ëmmer d'Existenzrecht an d'Souveränitéit vun dësem Staat bannent sengen international unerkannte Grenzen ënnerstëtzt. Lëtzebuerg setzt sech an fir d'zwee-Staate Léisung fir den israelesch-palestinensesche Konflikt, well et och di eenzeg Léisung ass, di en dauerhafte Fridden a Sécherheet fir béid Säite ka bréngen. Op dëser Basis koordinéiert Lëtzebuerg säi Stëmmverhalen an der UNO mat den aneren EU-Memberstaaten, am Kader vun der gemeinsamer EU Aussen- a Sécherheetspolitik. Allerdéngs ass Lëtzebuerg net an all den UNO-Gremie permanent vertrueden, a kann dowéinst och net un all den Ofstëmmungen deelhuelen.

**Äntwert op d'Fro 4:**

Den 30. Dezember 2014 huet Lëtzebuerg am UNO-Sécherheetsrot e Resolutiounsprojet ënnerstëtzt, deen e Kalenner an d'Parametere fixéiert hätt, fir eng Léisung vum israelesch-palestinensesche Konflikt op der Basis vun der zwee-Staate Léisung erbäizeféieren. Dee Resolutiounsprojet (UNO-Dokument S/2014/916) krut awer nëmmen 8 positiv Stëmmen, also net genuch fir ugeholl ze ginn.

**Äntwert op d'Fro 5:**

Am Kontext vun der UNO beschäftegen d'Länner sech ënnert anerem mam Anhale vum internationale Recht. Heibäi geet et net drëm, ob eenzel Länner sech fair behandelt fillen, mee ob se dat internationaalt Recht respektéieren. De Friddensprozess am Noen Osten ass effektiv zanter méi wéi 70 Joer eng vun den zentrale Froen an dësem Beräich.

**Äntwert op d'Fro 6:**

D'Veranwortung fir d'Stëmmverhalen an den UNO-Gremien läit beim Ausseminister, deen d'Positioun vun der Regierung am Aklang mam Koalitiounsaccord an där vum Regierungsrot festgelueter aussepolitescher Linn no bausse vertrëtt.